



Luxembourg, le 2 juillet 2020

REÇU
Par Aiff Christian , 12:51, 02/07/2020

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n°2314 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°2314 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable



Carole Dieschbourg

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°2314 vum 2. Juni 2020 vum éirewäerten Deputéierten Här Jeff Engelen iwwert den "Impact de l'interdiction de la chasse au renard"

Et ass fachlech unerkannt, datt d'Zerstéierung, d'Veaarmung an d'Zerschneidung vun natierleche Liewensraim, souwéi d'Aféiere vun net-eenheemeschen Aarten déi véier Haaptgrënn fir de Biodiversitéitsverloscht sinn.

Och beim Fuuss ginn et keng Indicen déi op eng Hausse vun der Populatioun hiweisen. Domat soll net ugedeit ginn, datt de Fuuss zu Lëtzebuerg seelen oder bedrot wier. Déi disponibel Zuelen, notamment unhand vun de systemateschen Opname mat Wëldekameraën deiten op ee gläichbleiwenden, stabile Bestand hin.

- 1. Vue dass et jo ëmmer manner Buedem- a Wisebréier gëtt: Goufe säit dem Verbuet vun der Foussejuegd Detailanalysen an Iwwerpräiwunge realiséiert, wéi dëst Juegdverbuet sech op dës Buedem- oder Wisebréier auswierkt? Goufen Detailanalysen an Iwwerpräiwunge realiséiert, wéi dëst Juegdverbuet sech op aner Déierenarten auswierkt?***

Well allgemeng bekannt ass, dass Buedem- a Wisebréier am Oppeland virun allem duerch d'Zerstéierung, d'Veaarmung an d'Zerschneidung vun natierleche Liewensraim verschwonne sinn, eriwrege sech grouss an deier Detailanalysen an Iwwerpräiwungen. Sou war z.B. d'Feldhong schon Ugangs de 1980er Jore quasi um Nullpunkt ukomm, trotz där zu där Zäit massiver Juegd op de Fuuss.

Dat hat also näischt mam Fuuss ze dinn, mee mat Liewensraumverloscht a mat dem Verloscht vun den Insekten fir déi Kléng opzezillen. Am Raum Schëffleng gouf ee Monitoring vu Wisevulle gemaach, wéi dem Wisepiipstert an dem Wisepanewippchen. Op deenen ongedüngten an ondrainéierte Flächen sinn déi Aarten virkomm. Op deenen intensiv genotzten a gedüngte Wisen dogéint net, obwuel iwwerall Fiiss virkommen.

- 2. Ginn et nach aner Erkenntnisser, déi sech aus dem Verbuet vun der Foussejuegd erginn hunn? Wa jo, wär de Ministère bereet, dës Erkenntnisser oder Analysen der Chamber matzedeelen?***

Contrairement zu deem wat Géigner vum Foussejuegdverbuet ugefouert hunn, ass de Prozentsaz vu Fiiss mat Fuissebandwurm säit 2015 net rop-, mee rofgaangen vu bal 40% (2014) op elo ënner 20% (2019), wat fir d'Gesondheet vun der mënschlecher Populatioun zu Lëtzebuerg immens positiv ass.

D'lëtzebuerger Jeeërfeederatioun huet bei hierem Recours, dee si um Tribunal administratif géint dat groussherzoglecht Reglement gemaach hat, dat de Fuuss fir d'Juegd zougemaach huet, verluer an ass och net an Appel gaangen. D'Gericht huet och d'Argumentatioun vum MECDD an der ANF um Fong suivéiert.

Ech fille mech also confirméiert, dass d'Decisioun vum deemolege Staatssekretär Camille Gira déi richtig war.